ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister an un den Här Kultusminister weiderzeleeden.

De Kultusministär wëll fënnef Konschtobjeten, déi der Congrégation Notre-Dame (Sainte-Sophie) gehéieren an zum Deel nach am MNHA ausgestallt bzw. gelagert sinn, als Monument national klasséiere loossen. Et handelt sech dobäi ëm folgend Artefakten: den Diptyque «Christ de douleur» vum Albrecht Bouts (MNHA); den Diptyque «Vierge de douleur» vum selwechte Kënschtler (MNHA); ee Reliquiekräiz (Staurothéik) (MNHA); eng Monstranz (Kathedral) an déi sougenannt «Münstermadonna» (CIPA Ste-Elisabeth). Déi zwee Diptyquë goufen 2016 an enger Ausstellung am MNHA gewisen a ware laut Le Quotidien (6.10.2016) scho säit 2009 am Besëtz vum MNHA. D'Staurothéik ass 2004 restauréiert ginn a gouf 2016 an enger Expo am MNHA gewisen.

An deem Zesummenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister an un den Här Minister:

1) Goufen déi zwee Diptyquen dem MNHA vun der Congrégation Notre-Dame als Leihgabe iwwerlooss? Wa jo, fir wéi laang?
2) Wien huet déi deier Restauratioun vun der Staurothéik finanzéiert? Op Basis vu wéi enger Decisioun gouf dës Restauratioun realiséiert?
3) Ginn et nach aner Beispiller vu Konschtobjeten, déi de MNHA temporär iwwerlooss krut an déi de Musée selwer restauréiert huet?
4) Firwat gi Konschtobjeten, déi zum Deel schonns säit eelef Joer am Besëtz vum MNHA sinn, eréischt no sou ville Jore vum Kultusministär als Monument national proposéiert?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding